Planzebourse – Méi Aartevillfalt an Ärer Gemeng

Mee – Ech si wat ech iessen!

Bourse aux plantes Bio
Samschdeg, 13. Mee 2017 vu 14h00 bis 17h30
Centre One Planet: 26, rue de Cessange ¦ Luxembourg

Déi aktuell lëtzebuergesch Landwirtschaft produzéiert aus diverse Grënn gréisstendeels Mëllech a Fleesch. Landwirtschaftlech Fläche ginn deemno virun allem genotzt fir Fuddermëttel fir dës Déieren ze produzéieren.
D'Geméis- an Uebstproduktioun maachen aktuell nëmme 0,2 % vun der gesamter landwirtschaftlecher Fläch aus. Geméisgäert brauch ee mat 0,008% vun der landwirtschaftlecher Fläch guer net emol ze erwähnen.

Fir d'Diversitéit vun eise natierleche Landschaften, eisen Déieren an Insekten, eise Planzen an och eiser Ernährung ze garantéieren, ass et wichteg, den Uebst- a Geméisbau zu Lëtzebuerg ze förderen. Dofir muss ee net direkt zum Uebst- oder Geméisbauer ginn. Och eng Gemeng ka sech hei engagéieren an dës Planzen duerch d'Gemeng verbreeden. Déi eng oder aner Gemeng huet dëse Wee mam trendy Numm "***Iessbar Stad***" schonn ageschloen. Maacht och Dir mat! Hei si kreativen Iddië keng Grenze gesat. Et geet vum Kraiderbeet virum Gemengenhaus bis zum interaktive Gemeinschaftsgaart. Ganz couragéiert Gemenge versichen esouguer hier traditionell, zum Deel souguer exotesch Blummebeeter duerch endemesch iessbar Planzen ze ersetzen.

D'Planzebourse mat biologesche Planzen ass déi ideal Plaz fir eng éischt Iddi vun dëse Méiglechkeeten ze kréien. Hei fannt Dir verschidden Informatiounsstänn a kënnt och direkt endemesch a biologesch Planzen a Geseems kafen. Et ass déi ideal Plaz fir Kontakter auszetauschen an Iddien ze sammelen. Dëst Evenement gëtt organiséiert vu CELL (Centre for Ecological Learning Luxembourg asbl) a Kooperatioun mat anere Partner.

Wisou net och Är Bierger an dëse Projet involvéieren a mam Gemengebus op dësen Event kommen!

Emweltberodung Lëtzebuerg (EBL) a.s.b.l.
Telefon: (+352) 2478 6831
E-Mail: info@ebl.lu
Internet: www.ebl.lu